

## D'ADR verlaangt Konsequenzen no dem tierkesche Referendum

Pressematdeeling vum 18. Abrëll 2017

- Fir e kloren an definitiven Nee zu engem EU-Bäitritt vun der Tierkei!
- Fir e Referendumsgesetz zu Lëtzebuerg, dat fir fair Bedingungen hei am Land suergt!
- Fir d'Klärung vun de konsulareschen Aktivitéite vun der tierkescher Ambassade hei zu Lëtzebuerg!

No dem manipuléierten an ondemokratesche Referendum an der Tierkei, ass d'ADR verwonnert iwwer d'Reaktioun vun der Lëtzebuenger Regierung.

Nach ëmmer seet de Minister Asselborn net kloer „Nee“ zu engem tierkeschen EU-Bäitritt, mee relativéiert seng Positioun. Hie wëll un déi „Tierken denken, déi mat Nee gestëmmt hunn“, eng Positioun, déi zwar novollzéibar ass, mee déi hien net analog bei anere Länner vertritt, géint déi hien Sanktiounen ënnerstëtzt oder fuerdert. Déi Meenung, dass eng Tierkei just „ënnert dësem President a mat dëser Verfaassung“ net kéint der EU bäitrieden, verkennt weiderhin déi laangfristeg Entwécklungen an der Tierkei an d'Geforen, déi en tierkeschen EU-Bäitritt fir Europa a sech dréit.

**D'ADR verlaangt, dass d'Lëtzebuenger Regierung endlech e kloren an definitiven Nee zu engem EU-Bäitritt vun der Tierkei seet.**

D'ADR wonnert sech och iwwer déi Tatsaach, dass de Minister Asselborn zwar zu Recht de Wahlkampf an der Tierkei kritiséiert, d'Bedingunge wäer „net fair“ gewiescht, déi tierkesch Regierung hätt „total vun hirem Apparat profitéiert fir fir de „Jo“ ze werben“ an „an den öffentleche Medie wäeren d'Nee-Stëmme praktesch net virkomm“, vergësst awer ze soen, dass ähnlech Phänomene och zu Lëtzebuerg konnte konstatéiert ginn, an zwar souwuel beim Referendum iwwer den EU-Verfassungsvertrag wéi och beim Referendum iwwer d'Ausländerwahlrecht. 2015 gouf probéiert, d'Protagoniste vum „Nee“ aus villen Debatten auszuschléissen. Eng ADR-Motioun an der Chamber, déi doropshi fair Bedingungen an der Campagne verlaangt huet, gouf de 6. Mee 2015 mat de Stëmme vun deenen dräi Regierungsparteie refuséiert. Déi dräi Oppositionsparteien haten déi Motioun ënnerstëtzt. **D'ADR verlaangt weiderhin, och hei zu Lëtzebuerg e Referendumsgesetz, dat fir zukünfteg Referenda vun Ufank u soll fir fair Bedingungen suergen.**

D'ADR verlaangt och Kloeerheet, wat déi **konsularesch Aktivitéite vun der tierkescher Ambassade** zu Lëtzebuerg ugeet. Déi tierkesch Press huet behaupt, dass iwwer 9.000 Tierken zu Lëtzebuerg ofgestëmmt hätten, obschonn der hei zu Lëtzebuerg nëmme 571 ageschriwwe wäeren. Esou konsularesch Aktivitéite sinn awer nëmme mam Accord vun deene betraffene Regierungen méiglech. **D'ADR wëll also wëssen, ob déi lëtzebuergesch Regierung domat d'accord war, an huet dowéinst de Moien eng dréngend parlamentaresch Fro gestallt.**